

# Sexuell Belästegung an der Schoul

OGB·L

**OGBL Onofhängege Gewerkschaftsbond Lëtzebuerg**
60 bd J.-F. Kennedy | L-4170 Esch-sur-Alzette
T. +352 2 6543 777
**ogbl.lu** **f ogbl.lu** **OGBL_Luxembourg**

**SEW/OGBL**
63 rue de Bonnevoie | L-1260 Luxembourg
T. +352 54 05 45 323 | Fax: 54 05 45 569 | sew@ogbl.lu
**sew.lu** **f ogblSEW** **sew_ogbl**

**OGJ**
60 bd J.-F. Kennedy | L-4170 Esch-sur-Alzette
ogj@ogbl.lu
**f ogj.lu** **ogj.lu**

**OGBL Equality – Département des Femmes**
60 bd J.-F. Kennedy | L-4170 Esch-sur-Alzette
equality@ogbl.lu
**f OGBLFemmes** **ogbl_equality**

Juni 2021

## Virwuert

Dës Broschür gouf ausgeschafft kuerz nom 8. Mäerz, dem internationalen Dag vun de Fraerechter, nodeems e puer Fäll vu sexueller Belästegung a Schoulen zu Lëtzebuerg un d'Luucht komm sinn. Sexismus a sexuell Belästegung sinn ee gesellschaftleche Problem, deen oft tabuiséiert gëtt, mee deen sech duerch all Gesellschaftsschichten zitt. Oft wëssen déi betraffe Persounen net, wei domat ëmgoen, se wëssen net u wien se sech wende kënnen, fillen sech eleng gelooss oder net eescht geholl.

Dës Broschür soll ee Versuch sinn d'Léierpersonal wéi och Schüler*innen a d'Student*innen zum Thema sexuell Belästegung an der Schoul ze sensibiliséieren, opzeklären an Handlungsméiglechkeeten opzeweisen.

OGJ Gewerkschaftsjugend

equality OGB·L

OGB·L SEW Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

# Definitioun

D'Gesetz definéiert sexuell Belästegung folgendermoossen:

---

**Harcèlement sexuel:** Constitue un harcèlement sexuel à l'occasion des relations de travail, tout comportement à connotation sexuelle ou tout autre comportement fondé sur le sexe dont celui qui s'en rend coupable sait ou devrait savoir qu'il affecte la dignité d'une personne au travail, lorsqu'une des trois conditions suivantes est remplie:

a) le comportement est intempestif, abusif et blessant pour la personne qui en fait l'objet;

b) le fait qu'une personne refuse ou accepte un tel comportement de la part d'un collègue ou d'un usager est utilisé explicitement ou implicitement comme base d'une décision affectant les intérêts de cette personne en matière professionnelle;

c) un tel comportement crée un climat d'intimidation, d'hostilité ou d'humiliation à l'égard de la personne qui en fait l'objet.

Le comportement peut être physique, verbal ou non-verbal.

*Statut général des fonctionnaires de l'Etat, Chapitre 5: Devoirs du fonctionnaires, Art. 10, §2*

---

**Sexuell Belästegung kann all Mënsch treffen, egal wéi e Geschlecht a wéi en Alter.**

Sexuell Belästegung kann innerhalb vu verschiddenen Alters- oder Hierarchiestrukture virkommen. Wann d'Affer vun der sexueller Belästegung mannerjäreg ass an/oder di sexuell Belästegung vum Superieur*e hierarchique ausgeet, gëtt dat vum Geriicht nach méi streng gestrooft.

**Sexuell Belästegung kann a verschidde Kategorien agedeelt ginn:**

- **sexistesch Belästegung opgrond vum Geschlecht:** sexistesch Bemierkungen a Verhalensweisen, déi net onbedéngt eng sexualiséiert Konnotatioun hunn, mee beleidegend an erniddregend sinn
- **ongewollt sexuell Opmierksamkeet:** verféierecht Verhalen a sexuell oder net ubruecht Avancen
- **sexuellen Zwang:** sexuell Bestiechung (Opfuederung zu sexuellen Handlungen duerch Verspriechen oder Belounungen) oder Bedrohung (Erzwénge vu sexuellen Handlungen duerch Bestrofung)

**Bei der Form vu sexueller Belästegung gëtt ënnerscheet:**

- **verbal Kommentaren:** vu sexuellen, kategoresch Bemierkungen zu engem Geschlecht "am Allgemengen", iwwer Gerüchter an/oder Kommentaren iwwert eng Persoun, bis zu perséinleche Bemierkunge géintiwwer enger bestëmmter Persoun.
- **verbal Opfuederungen:** Versich sexuell Kooperatioun ze initiéieren, vu subtillem Drock, iwwer sexuell oder relationell Avance bis hin zu sexuellem Bestiechen.
- **non-verbal Duerstellungen:** vum Entwiirdege vun der Sexualitéit vun enger Persoun, iwwer d'Duerstellung oder d'Verschécke vu sexuellem/pornografeschem Material.
- **sexuell Handlungen:** Gesten, Verletze vum perséinleche Raum oder Versuch vun intime Kontakt bis zu sexuellen/sexualiséierte Beréierungen oder sexuellem Iwwergrëff.

# Hëllef fir Betraffener

**Service psychosocial vun der Fonction Publique**
Fir Personal vum Staat an de Geméngen
T.: 247-73100 | service-psychosocial@mfp.etat.lu

**SePAS – Service psycho-social et d'accompagnement scolaires**
Fir Schüler*innen aus der ëffentlecher Schoul

T.: 24 77 59 10

**Planning Familial**
Stad Lëtzebuerg, T.: 48 59 76
Esch/Uelzecht, T.: 54 51 51
Ettelbréck, T.: 81 87 87

**Kanner- a Jugendtelefon**
T.: 116 111 www.kjt.lu

**Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher**

T.: 28 37 36 35

**Péitrusshaus - Solidarité Jeunes Asbl**
D'Péitrusshaus ass eng Nout- a Kriseneariichtung fir Jugendlecher. D'Ariichtung ass 24/24 a 7/7 op. T.: 8002 6002 (gratis)
peitrusshaus@s-j.lu | 43, boulevard de la Pétrusse – L-2320 Luxembourg

**Personaldelegatioun oder Gläichstellungsdelegéiert*en**
An den Privatschoulen / op der Universitéit / am Betrieb

**Am Fall vu Vergewaltegung, intime Beréierungen oder dem Verschécke vu pornographeschem Material solle Betraffener sech direkt och un d'Police wenden: T.: 113 !!**

## Wat maachen als betraffe Persoun vu sexueller Belästegung am Kader vun der Schoul?

### An der Situatioun selwer:

- op säi Bauchgefill lauschteren, wann ee sech net wuel fillt;
- kloer soen/weisen, datt eng Grenz iwwerschratt gëtt an dorobber insistéieren, datt eng Grenz iwwerschratt gouf an datt dat ophale muss;
- d'Verhale vum Täter als sexuell Belästegung bezeechnen;
- sech Hëllef bei Zeie vun der sexueller Belästegung sichen; si opfuerderen, engem ze hëllefen, fir datt d'Grenz vum Täter akzeptéiert gëtt.

### No der Situatioun:

**No der Situatioun soll d'Affer vu sexueller Belästegung de Virfall bei den zouständegen Instanze mellen.** An der Schoul oder op der Uni ass dat de Regent/d'Regente , den oder d'Responsabel vun de Studien an/oder d'Direktioun. D'Direktioun ass obligéiert, dem Fall nozegoen.

- Falls di sexuell Belästegung vun engem Member vum Personal aus der ëffentlecher Schoul ausgaangen ass, muss d'Direktioun de Fall un den Educatiounsministère weiderginn, deen de Virfall op seng Richtegkeet hin iwwerpréift a gegebenefalls Sanktioune verhänkt. A Privatschoulen an op der Uni muss d'Direktioun selwer préiwen an aktiv ginn.
- Falls di sexuell Belästegung vun engem Matschüler/enger Matschülerin ausgaangen ass, den/déi am selwechten oder engem anere Lycée ass, këmmeren sech d'Direktioune vun de betraffene Lycéeën em de Fall. Dat gëllt och wat d'Uni ubelaangt. Si këmmeren sech och em de Fall, falls de Virfall am Ëmfeld vun der Schoul (z.B. am Bus) geschitt.

De Staat an och all aner Schoul hunn d'Obligatioun, all Schüler*innen, all Student*innen an all Member vun hirem Personal viru sexueller Belästegung ze schützen.

Am Géigesaz zu Mobbing geet bei sexueller Belästegung schonn ee Virfall duer, fir kënnen als sexuell Belästegung definéiert ze ginn. D'Affer vu sexueller Belästegung muss allerdéngs e **Beweis** virbréngen, z.B. schrëftlech Beweiser oder Zeienaussoen. **Dowéinst ass et wichteg, di schrëftlech Preuven direkt ze sammelen an z.B. ee Screenshot ze maachen. Och ass et eng gutt Iddi ee "Gedächtnisprotokoll" ze maachen, d.h opzeschreiwen, wat genau geschitt ass, mat esou vill Detailer wéi méiglech, fir sech kënne spéider besser drun ze erënneren.** Dës Preuve soll d'Affer vu sexueller Belästegung och der Direktioun weisen.

Wann di betraffe Persounen der Meenung sinn, d'Direktioun géing de Fall net eescht genuch huelen, kënne si sech och un den Educatiounsministère wenden. Fonctionnairen an Employé*e*n vum Staat mussen an dësem Fall d'Voie hierarchique anhalen. Wann d'Direktioun vun enger Privatschoul oder vun der Uni, der betraffener Persoun hirer Meenung no, net genuch ënnerhëlt, kënne betraffe Persounen sech un hir Gewerkschaft oder en Affekot wenden.

Allgemeng kënne sech betraffe Persounen och direkt un hir Gewerkschaft oder en*g Affekot*in wenden, déi se dann ënnerstëtzen, fir datt hiert Uleies Gehéier fënnt. Vu datt de Staat an der Obligatioun ass, seng Employé*e*n, Fonctionnairen a Schüler*inne viru sexueller Belästegung ze schützen, kann een als betraffe Persoun och eng Ufro un de Staat maache fir d'Affekotskäschten an dësem Fall ze iwwerhuelen.

## Wat maachen als Zeie vu sexueller Belästegung?

- dem Affer ze verstoe ginn, datt ee seng Gefiller eescht hëlt an et doranner bestäerken esou e Verhalen net ze toleréieren an et ze mellen;
- bereet sinn, als Zeien auszesoen;
- Begleedung ubidden;
- d'Affer aus der Situatioun eraushuelen (z.B. mat engem Gespréich oder der Offer, den Uert ze verloossen, wou di sexuell Belästegung grad stattfënnt);
- d'Verhale vum Täter kloer als sexuell Belästegung bezeechen, sech Ënnerstëtzung bei aneren Zeie vum Virfall sichen.

## Wéi reagéieren, wann e Fall vu sexueller Belästegung u Léierpersonal an/oder Direktioun erugedroe gëtt?

- Mat der betraffener Persoun an d'Gespréich kommen an hier weisen, dass hiert Erliefnis eescht geholl gëtt. Visibel maachen, dass der Persoun nogelauschtert gëtt, andeems een Notten hëlt, di ee mat der betraffener Persoun nach eemol ofgläicht, fir sech sécher ze sinn, dass alles richteg verstane ginn ass.
- Determinéiere wien d'Enquête mécht a wéi eng Schrëtter mussen ageleet ginn.
- Oppenheet weise fir datt potentiell aner Betraffener kënnen op een duer komme mat hiren Erfarungen.
- Di néideg Instanzen informéieren a weider Schrëtter aleeden (intern an der Schoul, Ministère, Parquet).
- Psychologesch Ënnerstëtzung fir d'Betraffener organiséieren.
- Sécherstellen dass d'Confidentialitéit vun de Betraffene gewaart gëtt. Dëst encouragéiert och aner Betraffener sech ze mellen.
- De(r) betraffene(r) Persoun(en) Updates gi wou hire Fall drun ass.

## Allgemeng Praxis a Schoulen fir géint sexuell Belästegung virzegoen a virzebeugen

- Kloer Positioun huele géint sexuell Belästegung.
- Kloer Positioun huele géint sexistescht Verhalen a Kommentaren.
- Kloer Positioun huele géint homophoobt an diskriminatorescht Verhalen opgrond vu Sexualitéit.
- Eng kloer Politik hu wéi a Fäll vu sexistescher, sexueller an homophober Gewalt gehandelt gëtt a sécher goen, dass déi alle Persounen an der Schoul bewosst ass.
- Formatiounen an aner Ressourcen ubidde fir d'Personal fir iwwergrëffegt Verhalen ze identifizéieren an ze mellen.
- Reegelméisseg Informatioun, Opklärung an Diskussioun mat de Schüler*innen a Student*innen iwwert sexuell Belästegung, sexistesch an homophoobt Verhalen. Wat et genau heescht, wéi reagéieren, u ween sech wenden, wat d'Konsequenze sinn, ...




OGB·L
MIR MAACHEN ZUKUNFT

Mir ennerstëtzen Iech an alle Beräicher vun der Aarbechtswelt
**Gitt och Dir Member! Schreiwt Iech an op hello.ogbl.lu**

ogbl.lu —— f ogbl.lu —— OGBL_Luxembourg